

1. Sain neien E-Auto héiert et bal nêt.
Nach vill manner, wéi deen alen.
Wéivill soll e man?
Den E-Motor brems bei 40 of.
Um Glacis stin der nëmmen 2 virun him.
'T brauch nëmmen all 250 km opzelueden.
De Mann vum Glaciszentralakku seet:
Vum nächste Mound un as mueres zou.
Hie schwetzt lëtzebuergesch.
2. Hatt weess, d'SEO packt et nêt méi.
Obwuel se nêt méi déisäit liwwert.
A Kettenuewen as endlech ofgeschalt.
De Solarzellenzentrum verschleeft sech.
D'SZZ-Impaktstudien trëppelen op der Plaz.
3. 'T dauert 8 Minutte fir opzelueden.
Zanter enger Woch as hei Selfservice.
'T léisst den E-Auto um Glacis.
Vun den 100 1 x 1,5 m-Plaze sin der 30 besat.
3 Taxikutschemänner schnësse mateneen.
E 4. stréilt säi schwaarzt Päerd.
Déi vun der Plëse daarm si wäiss.
Déi vun der Gare brong.
D'"Kocko-Lux" an de "Péitrussexpress" hu fusionéiert.
Deem hun s'en Extraakku ënnert d'Nei Bréck gehaangen.
4. Um Schuman hëlt et de Rullteppech.
D'Wochekaart as méi bëlleg wéi bei de Kutschen.
Um B-Teppech kënt bal keen entgéint.
3 eeler Damme stin um Pescatore bäi.
Bis op den Hamilius sin et 7 Minutten.
5. T'leet sech déi nächst Assignatiounen der Rei no.
De Garagist, deen einfach nêt wëllt ofrappen.
3 Sténkerten, déi mat hirem B-Auto erwëscht goufen.
1 Kutschemann, deem säi Päerd ouni Dek ken am Ree stoung.
2 Mietgeschichten am Arabervéirel.
Déi verstinn nêt, datt eng Fra Dierwiechter as.
6. Um Hamilius, wou d'Busse stoungen, as Okkasiounsmaart.
Bal alles B-Autoën.
Een eenzegen E-Auto as feel, fir 100.000.
D'B-Autoë leien all ënner 30.
Den Oktroi fir ran an d'Stad as nees méi deier gin.
De Benzin läit lo um Präis vum Whisky.
An nëmmen d'Nordsüdachs as nach op.
Nach gëschter gouf e Sténkert hallef doutge schlou.
E puer vun deene spadséiere ronderëm d'B-Autoën.
Fir en E hun déi keen Täschegeld.
Alles Ausländer.
7. 'T hëlt d'S-Bunn fir op d'Gare Ennen an der Péitrus sti 17.000 B-Autoën.
Bis den 1. mussen s'all rezykléiert sin.
De "Rapidschrott" krut d'Commande.
D'Fra um Niewesëtz zitt d'Noutbrems.
Do geet dach een, dee fëmmt!
Si an dräi anerer sprange raus.
Se halen den Niko un, bis den S-Bunnflick do as.
Déi aner dräi sin sech eens.
D'Fra hat den Niko als éischt gesinn.
Si kritt d'Prime.
8. 'T kuckt aus.
D'Rullteppecher an der Neier Avenue sti voll.
'T as scho Gielphase.
Op der Paräisserplaz duerf scho kee méi bäistoun.
D'Luucht spréngt all Ablack op rout.
Hannert der Gare geet et zuffouss.
En Arabersténkert huet et nêt all Dag.
Wat mécht dee mat engem B?
En huet keng Aarbecht.
Verkeeft en s'a säi Land?
9. Den Araber as nêt doheim.
Eng Fra mat Schläer ënnerschreift.
'T huet nach Zäit fir bei de Coiffer.
'T muss waarden a liest Zeidong.
14 B-Garagen haut op der Faillitesäit.
D'Luxair kritt hiren 3. Fokkerzeppelin.
D'Gewännlëscht vun der FILantiqua.
Hatt huet 5 Lousen.
Mat engem gewënnt et e B, Modell 98.
10. TEKLA!
'T as opgeruff.
Brosse, wann ech glift!
Déi jonk Coiffeuse pëspert.
Si hätt nach e puer Sprayen.
Ech hätt gären är Matricule.
Ech konfiskéieren d'Sprayen.
Brosse!
'T denkt iwverdeems no.
Ech loosse mer de B an de Gaart stellen.
Blummen zu de Fënstren raus.
Hänkeg Jheranien.

josy braun

